CARTE BLANCHE VUM BOB REUTER

Gedanken zum latente Katholizismus am Lëtzebuerger Selbstverständnis

Vum Bob Reuter | Update: 04.10.2021 08:10 | 0 Commentaire(n)

De Bob Reuter, President vun AHA Lëtzebuerg, freet sech, wat dat bedeit, wa Stolpersteng vun engem kathoulesche Paschtouer geseent ginn.

Op eng ganz luewenswäert Initiativ vum Lënster Lycée an der Gemeng Jonglënster hin, sinn - vu Schüler*innen - 15 Biographië vu “Victimes du nazisme” opgeschafft ginn an et ass eng “Stolperstengverleeung” vum Gunter Demnig duerchgefouert ginn.

E Stee vum Ustouss war, dass niewent 4 Stolpersteng fir Judden, och 11 Stolpersteng fir Zwangsrekrutéierter verluecht gi sinn. Dozou wëll ech awer hei

näischt soen, well déi Fro schonn intensiv a kontrovers diskutéiert ginn ass.

Wat mech interpelléiert huet, an dat schéngt bis elo kee kommentéiert ze hunn, ass eng Foto, déi ech op der Säit vum Lënster Lycée gesinn hunn. Dorobber gesäit een de Francis Erasmy, fréiere Paschtouer vu Jonglënster an aktuelle "Wallfaartsdirektor" vun der Iechternacher Basilika virun engem Riednerpult stoen, riets dovu stinn eng Rei Stolpersteng a lénks op engem Ecran steet: "Bénédiction des pavés de mémoire".

Lo denkt der iech bestëmmt: "Jo an? Wat soll dann dorunner schlëmm sinn?" Oder dir sot iech: "Lo wëllen déi vun AHA nees de Leit hire Glawe verbidden!"

Dorëms geet et mer awer guer net.

Et geet mer drëms, dass et nach ëmmer schéngt selbstverständlech ze sinn, unzehuelen, dass et zu Lëtzebuerg nëmme Katholicke gi wär an dass et also normal ass, dass ee Paschtouer d'Stolpersteng seent.

Dat heescht net automatesch, dass ee Vertrieder vun der Kierch hei op kee Fall däerf dobäi sinn. Ech wëll awer d'Fro opwerfen, ob eis domadder nees suggeréiert gëtt, dass et eenzeg an eleng dem Bäistand vun der kathoulescher Kierch an der mirakuléiser Interventioun vun allen National-Hellegen ze verdanke wär, dass déi kleng Lëtzebuerger Natioun konnt virum absolutte Béise gerett ginn.

Wisou gëtt et, bis haut, knapps bis guer keng Plaz fir d'offiziellt Erënnere vu Judden, Kommunisten, Sinti a Roma, Handicapéierten, Atheisten, Fräidenker, Fräimaurer a nach villen aneren, bis haut onberécksiichtegten Affer vum 2. Weltkrich?

Dat wär nämlech ee gudden Ufank, fir eis der kultureller a weltuschaulecher Diversitéit an eiser Gesellschaft méi bewosst ze ginn, anstatt mat Virurteeler a Stereotyppen ze hantéieren.